Youth Camp

# 21 FEIF Youth Camp – Hvanneyri / Island, 9-14 Juli 2025

Léif Membren,

vum 9. bis den 14. Juli 2025 ass de FEIF Youth Camp zu Hvanneyri an Island.

**Wat ass d'Feif Youth Camp?**
FEIF Youth Camp ass en internationale Camp fir jonk Leit déi 14, 15, 16 oder 17 Joer al ginn am Joer vum FEIF Youth Camp. De Camp gëtt all zwee Joer organiséiert an engem vun de Memberlänner vun der FEIF. Den éischte FEIF Youth Camp war 1986.

D'Zil vum FEIF Youth Camp ass et Jonker aus verschiddene Länner zesummen ze bréngen, d'Kultur vun deem aneren Land kennenzeléieren an ze gesin wéi d'Approche zum Päerd an d'Reiderei an deem Land gelieft gëtt. Um Youth Camp ginn Aktivitéiten ronderëm d'Islandpäerd ugebueden, Reittouren, Hiking, isländësch Sagaen, Ausfluch op verschidden schéi Plazen, schwammen goen a villes méi.

Déi gemeinsam Sprooch vum Camp ass Englesch. Fir deel ze huelen um FEIF Jugendcamp brauchen d'Participanten kee Päerd ze besëtzen (oder matzehuelen), mä si sollen Reiterfahrung hunn fir d'Reittouren. D'ganz Woch ass en usprochsvollen Programm - mat an ouni Päerd - virgesin, fir international Fréndschaft ze férderen an an d'Eraschnupperen vun diversen Aspekter a punkto horsemanship.

**Wien kann matmaachen um Feif Youth Camp?**

- Jonker déi dëst Joer 14, 15, 16 a 17 Joer al ginn
- d'Communicatioun leeft op Englesch also mussen déi Jonk englesch Kenntnisser hunn a Spaass drun hunn nei Leit kennezeléieren an an engem internationalen Team zesummenzeschaffen an d'Aktivitéiten z'erliewen
- Member sinn am Verband vun den Islandpäerd Lëtzebuerg

**Country Leader :**
De Verband sicht och nach no engem Country Leader deen d'Kanner begleed op der Rees an dohannen no eisen jonken Teilnehmer kukt an Uspriechpartner op der Plaz ass. Den Country Leader muss groussjähreg sinn, brauch gudd englesch Kenntnisser a gewollt sinn sech dohannen anzebrengen bei den Aktivitéiten an den néidegen Responsabilitéssënn huet.

Den FEIF Youth Camp kascht 660 Euro op der Plaz, derbäi kënnt nach den Vol an Island an den Déplacement bis op d'Plaz an Island selwer.

Vun Lëtzebuerg kennen 2 Jonker goen an 1 Country Leader.

Interesséiert Membren sollen sech bis spéitsdens den 1. Määrz 2025 mellen op:

mathiasnancy@msn.com